



E klénge Compte rendu “Bass du Mega”

vum Gespréich vun der Mme Hetto mat de Schüler am Stater Kolléisch 12.10.2011

Dës 10. Editioun vum Mega on Tour stung ënnert engem besonneschen Zeechen. Dräi Schülerinnen aus der selwechter Klass vun der 2e E aus dem Stater Kolléisch hunn hire Präiss kritt, deen si bei hirer Bedeelegung um Mega Concours 2011 gewonnen hunn.

Em Punkt 10.00 Auer ass d'Ministesche fir Chancegläichheet, d'Madame Françoise Hetto-Gaasch, an de Festsall vum Athenée komm, wou 70 Schüler vu Première an Deuxième op si gewaart hunn.

Nodeems den Här Direkter Jos Salenty d'Ministesche an och d'Presse, déi deen Dag och do wor, begréisst huet, huet en d'Wuert ginn un de Webmanager vun echsimega.lu fir dass e kuerz den **MEGA Concours 2011** sollt erklären.



Een Zeeheconcours fir all Schüler aus dem Land

De MegaConcours 2011 ass den zweete Concours deen vum Ministère fir Chancegläichheet am Kader vu senger Campagne « Bass du Mega » organiséiert ginn ass. Beim éischte Concours, am Joer 2010, gong et drëms e Lidd ze schreiwen, wat dann duerno opgeholl an op CD gedréckt gi wor. Beim MegaConcours 2011 gong et drëms ee Logo oder ee Bild ze schaafe, dat d'Gläichheet vu Mann a Fra sollt illustréieren.

Nodeems méi wéi 30 Schüler aus dem Land hir Projeten ageschéckt haten, huet eng Jury di dräi Beschten dovun selektionnéiert. Doraus huet et sech erginn dass di dräi

Gewënnerinnen ausgerechent aus der selwechter Klass vun 2e aus dem Athénée waren.

No dësen Erklärungen huet d'Ministesch di dräi Gewënnerinnen Jill Zepp, Danielle Linden an d'Marie Nicolay opgeruff an hinnen hire Präis iwverreecht : en Akafs bong fir an e Bastelbuttéck am Wäert vun 1000 Euro fir di éischt Gewënnerin, an am Wäert vun 500 Euro fir di zweet an di drëtt Gewënnerin.

D'Ministesch huet dann och erkläert dass nach 10 Weider Projeten selectionnéiert gi sinn, an dass si am ULC Kalenner fir 2012 publizéiert ginn.

Nodeems d'Ministesch nach eng Kéier all Bedeelegt gelueft huet, hunn d'Pressefotografen eng Foto vun der Ministesch mat dennen dräi Gewënnerinne gemaacht. Duerno ass d'Diskussioun lassgaangen.

Di dräi verschidden Aarbechtsberäicher vum Mega Schoul a Beruff, Politik a Gesellschaft, Famill a Soziales

D'Diskussioun huet mat enger Präsentatioun vum Chancegläichheitsministère (MEGA) ugefaang. D'Madame Ministesch huet de Schüler virgeschloën, sech einfach ze mellen falls si eng Fro hätten; si géing sech gären ënnerbrieche loossen fir op di verschidden Themen méi am Detail anzegoën.

Zu den Aarbechtsberäicher vum MEGA gehéieren folgend Voletën: Schoul a Beruff, Politik a Gesellschaft, Famill a Soziales.

Schoul a Beruff: Schüler a Schülerinnen solle richteg orientéiert ginn

Am Beräich vu Schoul a Beruff huet d'Ministesch ze bemierke ginn, dass d'Besetzung vu Jongen a Meedercher an den ënnerschiddleche Sektioneen oder Orientatiouneen net ëmmer équilibréiert wier.

Ähnlech géing et an den Léierberuffer sinn. Esou wieren an der Grondschoul 70% vum Personal nëmme Fraen. Et wier awer wichteg, sou d'Ministesch, dass all Jong an all Meedchen esouwuel mat Frae wéi mat Männer léieren dierften, fir dass si Virbiller vun all Geschlecht hätten. An deem Zesammenhang hätten d'Fachleit gemierkt, dass d'Meedercher besser an der Schoul ofschniden wéi d'Jongen. Vlächgt grad, well se méi un d'Schoul ugepasst ginn, oder well si vun der verstärkter Präsenz vu Fraen profitéieren.

D'Roll vum Ministère ass et dofir ze suergen, dass an deene Beräicher ee gesonden Equiliber tëschent Männer a Fraen, Jongen a Meedercher entsteht. Datselwecht gëlt och an der Berufswelt.

Am Gesondheitsberäich zum Beispill, wou méi Frae wéi Männer als Infirmière schaffen. Oder am Justizsystem, wou ee mierkt dass Fraen éischer wëlle Riichter ginn, an d'Männer sech léiwer zum Affekot ausbilden.

Och an de Paiën kënt et zu Diskriminatiouneen. Sou verdéngen d'Fraen zu Lëtzebuerg 12% manner wéi d'Männer. An zwar well si méi dacks eng Paus an hirer Carrière maachen, oder well si eng Aarbecht akzeptéieren déi manner gutt ugesi get.

Fir dëst ze illustréieren huet d'Mme Ministesch d'Anekdot vun enger Botzfirma gezielt, déi dem Ministère seng Servicer wollt virschloën. An der Offer wor d'Aarbecht vun engem Mann méi deier verrechent, wéi déi vun enger Fra. Wéi de Ministère wësse wollt firwat dat esou wier, huet d'Firma erkläert, dass d'Männer eng méi geféierlech Aarbecht géinge leeschte wéi d'Fraen. Op Drock vum Ministère huet d'Botzfirma dëst duerno geännert.

Gläicheet an de Betriber

Fir d'Gläichhet an de Betriber ze ënnerstëtzen, setzt de Ministère e spezifescht Instrument an: d'Actions positives. Mat Hëllef vum Ministère get an de Betriber déi sech dru bedeelegen eng intern Enquête gemaacht, wou gekuckt gëtt wat een ännere kann, fir dass Fraen a Männer gläich behandelt ginn. An zweeter Phase ginn dann Mesuren agesat, wéi zum Beispill d'Schaafen vun enger Crèche d'entreprise oder d'Aféierung vum Télétravail.

No dësen Erklärungen huet d'Ministesch ee leschten Aspekt vum Volet Schoul a Beruff ugeschnidden, an zwar d'Orientatioun vun de Schüler déi spéider wëllen ee Betrib grënnen. Si huet dann och gefrot wéi eng Schüler spéider wëilten Enseignant ginn: 6 Meedercher hu geäentwert.

Op d'Fro wien spéider säin eegene Betrib wéilt grënnen hunn sech 3 Jonge gemellt. Fir d'Ministesch wor dat erneits ee Beweis dofir, dass d'Jongen éischer dofir erzu ginn ee Risiko ze huelen a sech eropzeschaffen, wéi d'Meedercher. A grad dat wëllt d'Ministesch gär ännere. Aktuell wier nëmmen ee Betriib vu fënnf vun enger Fra gegrënnt. Dat, sot d'Ministesch, géif net duergoen.



Fir ganz konkret am Sënn vun enger gréisserer Diversitéit ze handeln, ënnerstëtzt de Ministère Initiativen wéi de Programm vun den "Femmes Ambadrices de l'Entreprise", wou Firmengrënnerinnen sech beméien, hire Beruff ze vermëttelen a bekannt ze maachen.

Ee Schüler wollt dunn wëssen, wéi een d'Jongen dozou motivéiert ee Beruff wéi Schoulmeechter oder Infirmier ze léieren. Dozou sot d'Ministesch dass Kampagne, wéi zum Beispill de Girls' Day Boys' Day, een interessanten Usatz wieren.

Zu dëser Thematik géing awer och d'Grondeducatioun vun de Kanner gehéieren: scho ganz fréi kéint ee feststellen dass Jongen a Meedercher op eng ënnerschiddlech Art a Weis erzun ginn.

Dësen Thema huet d'Schüler aus dem Kolléisch net gläichgültig gelooss. Si hunn sech ganz spontan zum Gespréich gemellt. Ee liewegt Gespréich aus deem sech erginn huet, dass Jongen a Meedercher duerch d'Spiller an hirer Kandheet, duerch d'Medien oder och duerch d'Verhale vun den Eltere vis-à-vis vu Geschwëster, ënnerschiddlech Erwaardunge vis-à-vis vum Liewen kréien. Wat zum Beispill dozou féiert, dat ënnerschiddlech Beräicher staark vun deem een oder deem anere Geschlecht geprägt sinn. Zum Beispill an enger E Sektoun, wou méi dacks Meedercher dra setzen, ewéi Jongen.

D'Ministesche huet fonnt, et sollt een de Jongen a Meedercher méi dacks d'Méiglechkeet ginn, sech aus deene Rollen erauszueschaffen, an an déi Richtung ze goen, déi si sech selwer erausgesicht hunn. Zum Beispill andeems een d'Kanner op Schnupperdeeg an atypeschen Aarbechtsberäicher invitéiert.

Zum Thema atypesch Beruffer, hunn d'Schüler dann ze bemierke ginn dass vill Beruffer, wéi Ingénieur oder Architekt, éischer nach mat Männer assoziiert ginn, wéi mat Fraen. An deem Zesammenhang wollten si iwwert d'Rolleverdeelung an der Gesellschaft schwätzen. Di eng hunn dat traditionellt Bild kritiséiert, wou de Papp di besser Aarbecht mam bessere Gehalt huet, an d'Mamm éischer eng Paus an der Carrière mecht, fir d'Kanner ze erzéien.

Di aner hunn dozou gemengt, dass et net einfach wier, eng Alternativ zu der traditioneller Rolleverdeelung ze fannen oder ze erfannen. Hunn d'Jongen da wierklech loscht sech mat typesch weibliche Beruffer ze befaassen? Hunn d'Meedercher di néideg kierperlech Viraussetzung fir méi „hard“ Beruffer auszeüben? An deem Zesammenhang huet eng Schülerin gesot, dass een e Meedchen net sollt zwingen ee Beruff auszeüben, vun deem et näischt wësse wëllt.



D'Mme Hetto-Gaasch huet zwar agesinn, dass verschidde Beruffer staark vum Geschlecht geprägt sinn, mä si huet och gemengt, dass dat net esou dierft bleiwen. D'Edukatioun an d'Formatioun vu Jongen a Meedercher kaschten dem Stat jo Geld. Et kéint also net sinn, dass een Deel vun de Leit déi forméiert ginn, duerno net méi um Aabechtsmaart ze

fanne wieren. Ziemls dann, wou 59% vun den Unidiplomer zu Lëtzebuerg un d'Meedercher ginn. Dass vill vun deene Meedercher enges Dags eng Paus maachen oder ganz mat Schaffen ophalen, empfënnt d'Ministesche als e Verloscht fir d'Wirtschaft. Fir den Ausgläich ze garantéieren, missten d'Familien och hir Responsabilitéiten huelen. Firwat soll eng Koppel d'Décisionen wat hir Carrière

ubelaangt net zu zwee huelen? Doriwwer eraus huet d'Ministesch och dovou geschwat, dass een de Fraen an de Männer d'Léisung sollt ginn, dass jiddfereen zu 75% dierft schaffen.

Politik a Gesellschaft: Sinn d'Männer wierklech méi kompetent wéi d'Fraen?

D'Schüler hunn dorops hinn d'Thema vun de Fraen an der Politik opgegraff. Relativ skeptesch waren si iwwert d'Fähigkeit vun de Fraen, sech an enger Männerwelt duerchzusetzen. Méi kompetent wieren si op jiddefalls net, huet eng Schülerinn gemengt.

D'Mme Hetto-Gaasch huet em zwar net Onrecht ginn, mä huet awer d'Argument vun der Kompetenz relativiséiert.

Eng Tatsach wier op jiddfer Fall, dass d'Fraen sech manner gutt verkafen wéi d'Männer. A wat d'Männer ubelaangt wier d'Ministesch sech sécher, dass di meescht net méi kompetent wéi d'Frae wieren. An dach ginn si gewielt, well si éischer dru gewinnt sinn, sech duerchzusetzen.

D'Mme Ministesch huet dobäigefügt dass d'Präsenz vu Fraen an der Politik och eng Fro vu Representatioun wier. Et kéint jo net sinn, dass e bésse méi wéi 20% vun de Wielerlëschte vu Frae besat wieren, wou d'Fraen dach gutt 50% vun der Bevölkerung ausmaachen. Deemzufolleg wier tatsächlech ee nach méi e groussen politeschen Engagement vun de Frae gefrot. An deem Zesammenhang huet d'Ministesch d'Schüler encouragéiert, sech mat Politik ze befaassen. A wann et och nëmmen ass fir eppes an der eegener Gemeng ze bewierken.

D'Ministesch huet dunn di aner Themen vum Volet Gesellschaft opgezielt, mat deenen sech de MEGA beschäftegt. Zum Beispill d'Analyse vun de Medien. Eng rezent Analyse huet nees gewissen, dass d'Lëtzebuerger Télé net genuch Fraen an der Roll vun engem Expert géing weisen, obschonns d'Journalisten an hiren Interviewën dacks op Experten zeréckgräifen. D'Mme Hetto-Gaasch huet dëst ëmsou méi bedauert, dass et zu Lëtzebuerg eng 34.000 Frae get, déi een Unisdiplom hunn. Fraen, déi also Expertinnen an hirem Fach sinn.

Fir e positivt Bild vun der Fra a vum Mann erëmzeginn organiséiert de MEGA réigelméisseg Informatiounskampagnen, wéi zum Beispill „Bass du Mega“ fir di Jonk, oder Megafamily, eng Campagne déi d'Gläicheet an der Famill thématiséiert.

Prostitutioun: wéi ee Modell fir Lëtzebuerg?

Een aneren Thema vum Volet Gesellschaft ass d'Prostitutioun. D'Mme Hetto Gaasch huet ze bemierke ginn, dass Lëtzebuerg eng komesch Positioun géigeniwwer der Prostitutioun hätt. Am Prinzip wier se hei am Land net erlaabt. A Wierklechkeet get se op enger bestëmmter Plaz an zu enger bestëmmter Dageszäit toleréiert. Och wier gewost, dass verschidde Fraen sech doheem prostituéieren, fir méi Geld ze verdéngen. Fir d'Ministesch wier et net eng Léisung géigeniwwer dës Tatsaachen een Aa zouzedrécken. Am Géigendeel misst Lëtzebuerg eng méi kloer Positioun hunn. Sou wier de Ministère och am Moment dobäi eng Léisung auszeschaffen. Egal wéi d'Decisioun zum Schluss wier, misst dës d'Positioun mat där vun de Nopeschlänner iwwerenee stëmmen.

Dofir studéiert de Ministère am Moment d'Léisungen, déi an de Nopeschlänner ëmgesat gi sinn. An Däitschland, zum Beispill, ass d'Prostitutioun erlaabt. D'Prostituéiert hunn do ee Statut, an hunn d'Recht hire Beruff auszeüben. Do get esouguer mam Bundeskriminalamt geschafft, fir dass d'Police direkt kann agräifen, falls d'Situatioun mat engem Client eskaléiert. A Frankréich ginn se deen anere Wee. Ähnlech wéi et elo a Schweden de Fall ass, soll do de Client bestroft ginn. Dass an Däitschland an a Frankräich zwou verschidden Approchen bestinn ass awer problematesch. Ass Frankräich net am Gaangen d'Prostitutioun no Däitschland ze verlageren?

An Holland ass d'Situatioun nach anescht, a si schéngt, an den Aën vun der Ministesch, eng besser Léisung ze sinn. Do décidéieren d'Gemenge selwer op d'Prostitutioun op hiren Terrain soll erlaabt ginn. A si stellen dann och d'Autorisatioun aus. Dorausser ergëtt sech, dass d'Gemenge kontrolléieren wien de Patron ass, an ob den Ëmsatz vun engem sougenannten „Eros-Center“ gerecht tëschent de Prostituéierten verdeelt gëtt. Ausserdeem sinn d'Prostituéiert all ugemellt, a si kënnen zu all Moment d'Proposition unhuelen, hir Aktivitéit opzeginn an eng Formatioun ze maachen, déi si rëm zeréck an den normalen Aarbechtsmaart féiert.

D'Schüler hunn d'Diskussioun spontan erweidert, a wollten zum Beispill wëssen op Männer sech och géifen prostituéieren. D'Mme Hetto-Gaasch huet dës Fro opgegraff fir iwwert d'Aarbecht vum Drop-In zu Bouneweeg ze beriichten, eng Ulafstell fir di Prostituéiert, wou och Männer sech mellen. Si huet dunn drun erënnert, dass Prostitutioun ganz dacks am Zesammenhang mat Drogenofhängekeet steet.

Schlussendlech huet si zesumme mat de Schüler och den Ënnerscheid tëschent Mënschenhandel an Prostitutioun gemaach. Obschonns di zwee mateneen eppes ze dinn hätten, misst een den Ënnerscheid maachen tëschent Mënschen déi sech fräiwellech prostituéieren, an déi, déi dozou gezwonge sinn. Dëse leschte Fall ass a bleift op jiddefall strafbar. Andeems d'Prostitutioun gesetzlech besser encadréiert gëtt kéint een och vläicht dozou bäidroen, Menschenhandel ze reduzéieren,.

Famill a Soziales: Wien iwwerhëllt waat am Stot?

No dësem Thema ass d'Mme Hetto-Gaasch mam Volet Famill a Soziales weidergefuer.

Fir d'Relevanz vun deem Beräich ze illustréieren, huet d'Ministesch folgend Froën ugeschnidden: wéi deelt eng Koppel d'Responsabilitéiten an der Famill op? Wien hëllt de Congé parental? Nëmme 6% Prozent vun de Männer géingen op dës Léisung zeréckgräifen. Fir d'Mme Hetto-Gaasch sollt de Congé parental esouwuel vu Frau wéi Mann geholl ginn. Ausserdeem soll e méi flexibel gemaach ginn.

En aneren Thema wier d'Schaafen vun engem Männerbureau. Wuel get et eng Partie Ulafstelle fir d'Fraen, mä et get keng Plaz wou d'Männer sech kënne mellen, wann si an enger Noutsituatioun sinn. Zum Beispill wann se vun hirer Fra geschloe ginn.

Zudeem huet ee Schüler gefrot firwat bei enger Scheedung d'Fraen ëmmer vum Richter bevirdeelegt ginn. Dozou huet d'Ministesch gemengt dass et wuel de Fall

wier, dass een allgemeng enger Fra éischer zoumudd, dass si zum Beispill d'Kanner besser opzéie kéint. Duerch d'Schaafen vun engem Männerbureau kéint gehollef ginn, déi Situatiounen ze verhënneren.

Zum Thema Famill a Soziales gehéiert och d'häuslech Gewalt. D'Mme Hetto-Gaasch huet d'Geleënheet benotzt, fir d'Gesetz am Beräich vun der violence domestique ze beschreiwen. D'Hauptmesure vun deem Gesetz ass, dass de présuméierten Auteur vu Gewalt opgrond vun éischte Beweiser, direkt vun doheem ausgesat ka ginn. Sou kéinten d'Affer op enger effiacer Art a Weis beschützt ginn. Mat der Reform vun deem Gesetz, misst d'Ausweisungsfrist nach verlängert ginn.

Aktuell géif et zu Lëtzebuerg bis zu 5 Wegweisungen d'Woch kommen. Nodeems d'Ministesch nach weider Chifferen iwwert Violence domestique uginnt huet, huet si och vum Suivi vun den Affer geschwat. Engersäits gëtt et ee service d'assistance aux victimes de violence domestique, an och de service psy enfants, dee sech ëm d'Kanner këmmert. Anerersäits gëtt et och eng Associatioun, "Riicht Eraus", déi den Täter hëlleft hiert Verhaalen ze änneren. Och hätt d'Ministesch sech gewünscht dass d'Gesetz iwwert Häuslech Gewalt den Täter zwéngt, un enger Pyschologescher Berodung deel ze huelen.

Zum Schluss huet si de Schüler gesot, dass kee Mënsch eng Gewaltsituatioun sollt akzeptéieren. All Fall misst der Police gemellt ginn, ob een Affer oder Zeien vun Gewalt ass.

Eng Schülerinn wollt wëssen op d'Fra selwer Schold un hirer Situatioun wier, falls se net géing vum selwe fortgoën. D'Ministesch huet erkläert dass di meeschten Situatiounen méi komplex wieren, an huet an deem Zesammenhang vun der sougenannter Gewaltspirale geschwat. Dëst ass eng Situatioun wou den Auteur vu Gewalt säin Affer esou ënner Drock setzt, dass d'Affer sech net ka wieren an sech net traute nobaussen no Hëllef ze sichen. Et sollt een och wëssen, dass et Kulture get, wou d'Gewalt am Stot nach ëmmer eng batter Normalitéit ass, huet d'Ministesch dobäigefügt.

No dëse ganz liewegen Diskussiounen mat de Schüler, huet d'Ministesch nach eng Kéier häerzlech Merci gesot fir all d'Remarken vun de Schüler. Mat dëse Wieder ass dann och den 10. Mega on Tour zu Enn komm.

